



N° 6786  
Entrée le 07.09.2022  
Déclarée recevable  
Président de la Chambre des Députés  
(s.) Fernand Etgen  
Luxembourg, le 07.09.2022

Fernand ETGEN  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 07/09/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Interieur weiderzeleeden.**

D'Fräiwëlleger beim CGDIS leeschten eng wäertvoll Aarbecht fir d'Allgemengheet. D'Bénévolen sinn dobäi oft am Bereitschaftsdéngscht oder kasernéiert, fir am Noutfall direkt a schnell kënnen anzegräifen. D'Bénévolen kréien fir dësen Déngscht och eng kleng Entschiedegung an Héicht vun 1€/Stonn fir eng Bereitschaft a vun 10€/Stonn wann si an der Kasär stationnéiert sinn. Et ginn awer och Fräiwëlleger beim CGDIS, déi aus Léift zum Déngscht während hierer normaler Bereitschaft an d'Kasär wëlle goen an op déi 10€ Kasäreprimm verzichten.

Wéi mir zougedroe gouf, gouf et elo bei der Organisatioun vum Volontariatskorps eng Reegelung, déi beseet, dass d'Bénévolen an den CIS musse goen, bei deem si am nooste wunnen.

An deem Zesammenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Kann d'Ministesch bestätegen, dass eng entspriechend Reegel fir déi Fräiwëlleg beim CGDIS agefuert gouf? Falls jo, gouf dës iergendwou schrëftlech festgehalten?
2. Falls dës Reegel existéiert, wat ass de Mehrwäert vun dëser Moossnam, wëssend, dass souwiesou eng schnell Agrëffstrupp zu all Zäitpunkt an der Kasär prett ass?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)



**Äntwert vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, op d'parlamentaresch Fro n° 6786 vum honorabelen Députéierte Marc Goergen zum Sujet « Indemnisation des volontaires du CGDIS pour les permanences et les gardes »**

Den *Département des pompiers volontaires* (DPV) vum CGDIS ass do, fir d'Asazcenteren (CIS) an d'Spezialgruppe (GIS) beim Recrutement vun neie fräiwëllege Pompjeeën z'ënnerstëtzen a si bei der Bäitrittspzedur ze begleeden. Doduerch ka séchergestallt ginn, datt souwuel um lokalen Niveau de Kontakt tëscht de Fräiwëllegen an dem CIS/GIS direkt etabléiert gëtt, awer och datt eng national eenheetlech Coordinatioun stattfënnt, bei där jidderee gläich behandelt gëtt<sup>1</sup>.

Ufank 2022 gouf e Guide pratique fir de Recrutement an d'Affectatioun (resp. d'Réaffectatioun) vu fräiwëllege Pompjeeën ausgeschafft, deen en eenheetleche Kader schaaft. Et gouf hei bewosst d'Form vun engem Guide gewielt an net déi vun engem Reglement, fir op dës Manéier e Kader ze schafen, ouni d'Villfältgkeet an d'Individualitéit innerhalb vum Volontariat ze vernoléisegen.

Dee vum Deputéierten erwäante Mehrwäert läit deemno dodran, datt de CGDIS de Volontariat mat Hëllef vun dësem Guide op nationalem Niveau méiglechst eenheetlech an effikass kann ënnerstëtzen a koordinéieren, fir d'Ziler vum Plan national d'organisation des secours (PNOS) z'erreechen. Et geet virun allem drëm, eng méiglechst gläichwärtig Verdeelung vun de fräiwëllege Ressourcen unzestriewen, fir iwwerall am Land a manner wéi 15 Minutten z'intervenéieren.

Lëtzebuerg, de 05/10/2022.  
D'Inneministesch  
(s.) Taina Bofferding

---

<sup>1</sup> Règlement grand-ducal du 15 juin 2018 relatif aux pompiers volontaires du Corps grand-ducal d'incendie et de secours, Art. 4. « *Le CGDIS organise de façon centralisée l'adhésion, l'affectation et la gestion des pompiers volontaires, des jeunes pompiers et des vétérans.* ».